ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 16. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem Tageblatt-Artikel vum 22. Januar 2021 war ze liesen, datt zu Schëffleng an der Grengzon e Päerdsstall vun engem Locataire erriicht gouf, ouni datt déi zoustänneg Proprietären au courant waren.

An deem Sënn hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister:

1. Gouf dee besote Päerdsstall an der Grengzon am Kader vum Naturschutzgesetz autoriséiert?
2. Wa jo, gouf am Kader vun enger eventueller Demande vum Locataire gepréift, ob de Proprietär och säin Accord fir sou e Bau ginn huet?
3. Ass den zoustännege Fieschter an dëser Affär intervenéiert an, wa jo, ënnert wéi enger Form?
4. Wat sinn allgemeng d'Konditiounen, fir däerfen esou ee Päerdsstall an der Grengzon opzeriichten?
5. Muss d'Demande an esou Fäll vum Proprietär kommen oder kann e Locataire mam Averständnis vum Proprietär och esou eng Demande de construction en zone verte am Kader vum Naturschutzgesetz stellen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten